

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 27. Mee 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister weiderzeleeden.

Et ass evident, datt de CGDIS op déi vill Benevollen ugewisen ass, déi Dag fir Dag eng wäertvoll Aarbecht am Déngscht vum Land maachen. An deem Kontext bestinn awer eng Rei Dispositiounen, déi et de Benevollen an eenzele Fäll onméiglech maachen, hirer Aarbecht nozekommen. Besonnesch beim medezineschen Test, ob eng Persoun déngschttauglech ass oder net, bestinn eng Rei Reegelen, déi méi wéi problematesch sinn. Et ass z.B. esou, datt wann e Benevole Body-Mass-Index (BMI) iwwert 40 huet, dës Persoun fir sechs Méint komplett vum gesamte Pompjeesdéngscht gespaart gëtt. Och an de soziale Medie gouf et rezent vill Opreegung ëm dës Dispositioun. Datt eng iwwergewiichteg Persoun eventuell net tauglech ass, sech beschtméiglech un engem Asaz ze bedeelegen, ass ze verstoen. Wat sech par konter net erschléisst, ass, datt dës Persoun och vun alle weideren Aktivitéiten, ewéi z.B. Weiderbildungen, Übungsasätz, Waardungsaarbechten un den Déngschtween etc. ausgeschloss gëtt. Och däerf sech dës Persoun dann net méi als Jugendleeder oder „Pompjee de support“ engagéieren. Dëst ass grad och bedenklech, well d'Jugendarbecht evidenterweis immens wichteg ass an och eng Persoun mat engem BMI iwwert 40 dës Aarbecht ouni Problemer ausféiere kann. Am schlémmste Fall kann dëst dozou féieren, datt sech méintelaang net ëm de Nowuess vum CGDIS gekëmmert ka ginn. Iwwerdeems ass et och esou, datt esou eng laang Spär vu sechs Méint och der Qualitéit vun der Aus- a Weiderbildung schued an et riskéiert een – sou wéi dat schonn a ville Fäll agetrueden ass –, datt déi betrafte Leit sech ganz aus dem Benevolat zeréckzéien an de CGDIS domat ee vu senge wichtigste Standbee verléiert.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Wou sinn déi gesetzlech Reegelen, ob eng Persoun vum CGDIS déngschttauglech ass oder net, festgehalten? Gëtt et hei eng gesetzlech Basis oder sinn dës Dispositiounen an engem interne Reglement festgehalten?
2. Wéi ass et an den Ae vun der Regierung ze veräntwerten, datt eng Persoun mat engem BMI iwwert 40, déi sech am Benevolat engagéiert, komplett vun allen Aktivitéite gespaart gëtt, also och vun deenen Aktivitéiten – z.B. Weiderbildungen, Übungsasätz, Waardungsaarbechten un den Déngschtween, Jugendleeder etc. – déi si ouni Problem bewältegt kritt?
3. Ass sech d'Regierung bewusst, datt esou onsënneg Dispositiounen dozou bäidroen, datt vill Benevollen hir wäertvoll Aarbecht am CGDIS opginn?

4. Sinn dës Dispositioun an den Ae vun der Regierung net och eng Diskriminatioun vun de betraffene Leit?
5. Gedenkt d'Regierung an deem Kontext d'Dispositiounen, ob eng Persoun déngschttauglech ass oder net, ze iwwerschaffen, fir esou därer onglécklecher Situatioun entgéintzewierken?
6. Wa jo, a wéi engem zäitleche Kader kann ee konkret mat der Ëmsetzung vun engem neie Regelkonzept rechnen?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen  
Deputéierten